# E PUER EINFACH GESTE FIR D'BEIEN AN ÄREM GAART GUTT Z'EMPFÄNKEN



I. BERNARD-LESCEUX an M. HOUBA
Lëtzebuergesch Iwwersetzung : F. FILBIG

Geméis a Friichten, déi ob d'Bestäubung vun de Beien ugewise sinn an déi di keng friem Bestäubung brauchen:

Mat Beien






Ouni Beien





## ALEEDUNG

Zënter Mënschegedenke flitt d'Bei vu Blumm zu Blumm an dréit domat zur Bestäubung vun de Planze bäi, en Service, dee gratis an onersetzlech ass. Si dréit aktiv zur Entwécklung an zur Erhalung vun der Biodiversitéit bäi. Ouni d'Bei kéinte mir äis net un esou enger Villfalt u Planzen erfreeën, eppes wat zum Patrimoine vun der Mënschheet gehéiert. Eis Landwirtschaft wier manner produktiv, eisen Teller manner fuerweg, manner gefëllt, jee vill méi bescheiden. Mee, sou wéi eis Ëmwelt ëmmer méi aarm gëtt, sou ass d'Iwwerliewe vun der Bei ëmmer méi a Fro gestallt, wat schlussendlech eng wierklech Gefor fir d'Mënschheet duerstellt.



*Beiestack, wou ee kann dra kucken, opgestallt beim Milleweier zu Biekerech am Mee 2014 © dmillen.lu*



*Bei mat enger Pollebox © Michel Collette*



*Apis mellifera* © *www.futura-sciences.com*

# 1. D'BEI, AM HÄERZ VUN DER NATUR

D'Bei, Apis mellifera, gesäit een ëmmer manner an eise Gäert. Trotz de Beméiunge vun de Beieleit huet d'Zuel vun de Beievëlker staark ofgeholl. De Combel ass ower, datt d'Bei sech neierdéngs méi wuel an der Stad ze fille schéngt ewéi um Land.

Déi intensiv Landwirtschaft ass wéineg gënschteg fir d'Beien. D'Biodiversitéit hëlt ëmmer méi of, wat duerch déi grouss Monokulture begënschtegt gëtt. D'Planzen (z.B. de Raps) bléien alleguer mateneen an no där Bléi bleift net méi vill. Derbäi kommen d'Gefore vun de Sprëtzmëttelen, deenen d'Bei ausgesat ass bei hirer Sich no Nektar a Pollen.

D'Vegetatioun an de Stied a besonnesch ronderëm d'Stied, wou d'Leit nach gréisser Gäert hunn, ass manner mat Pestizide belaascht. Hei ass d'Biodiversitéit dacks méi

grouss ewéi um Land, hei gëtt et e sëlleche Blummebeeter an de Gäert an an de Parken, wou och nach allerlee Straich a Beem bléien. Vum Fréijoer bis an den Hierscht era gëtt et fir d'Bei ëmmer eppes ze huelen, wat zudeem net mat Sprëtzmëttele belaascht ass. Leider ass et an der Stad schwiereg eng Stellplaz ze fannen, wou d'Bei net stéiert.

Déi wëll Beie si gläichermoosse bedrot. Si liewen an huele Beem, an engem ale Kamäin oder an enger Spléck vun engem ale Gemaier... Mee hir Wunnenge lafe permanent Gefor zerstéiert ze ginn (al Beem ginn ewech gehaen, al Gebaier gi sanéiert ...). Wéi all déi aner Insekte leide si ënnert dem Drock vun de Pestiziden an der allgemenger Loftverschmotzung.

Well d'Insekten eng Schlësselstellung an eiser Ernärung spillen (ëmmerhi verdanke mer hinne 35% vun eise Liewensmëttel), ass et eis Aufgab hinne wéinstens an eise Gäert en Ënnerdaach an en Heem unzebidden. Eng Rei Leit sinn éischter mësstrauesch vis-à-vis vun de Beien, dat wéinst hirem Stachel. Gewosst ass ower, datt si nëmme picken, wa si sech bedreet fillen, wat jo net dacks de Fall ass. Der Bei hire Stachel huet Widerhaken, wa si da pickt, da bleift hire Stachel stiechen. Beim Fortfléie gëtt dee ganze Gëftapparat erausgerappt, wourunner si natierlech stierft. Wann et heescht „ee eng Bei", dann ass meeschtens eng Harespel am Spill, déi si vill méi aggressiv, picken einfach esou a si traue sech och éischter an d'Haiser eran.

*Beispill vun engem Beiestack an der Stad Paräis © www.rfi.fr*



*An der Natur fannen d'Beien dacks en neit Doheem an engem huele Bam © Aloyse Schweicher*





*Eng Wiss déi guer net oder net dacks geméint gëtt: En Eldorado fir d'Beien © dmillen.lu*

# 2. WÉI KËNNE MER DE BEIEN HËLLEFEN ?

## A) VERZICHT OP SYNTHEETESCH SPRËTZMËTTELEN AN EISEM GAART

En éischte Schrack ass, datt mir esou natierlech wéi méiglech gäertneren. Domat hëllefe mer net nëmmen de Beien, mee och der Ëmwelt am Allgemengen, denke mer nëmmen un d'Drénkwaasser.

## B) BEKÄMPFE MER D'KRANKHEETE VUN DE PLANZEN OP ENG NATIERLECH MANÉIER

- Dacks sinn d'Krankheete bei de Planzen dorops zréckzeféieren, datt d'Planze weder dem Buedem nach dem Klima ugepasst sinn.
- E gutt duerchlëftenen, opgelackerte Buedem ënnerstëtzt d'Buedemliewen a verbessert d'Fruchtbarkeet. Hei fillen d'Planze sech wuel, an d'Onkraider loossen sech besser erausrappen. D'Ausbreede vu Kompost oder Gründüngung hëlleft dobäi. Dat ka Wëllkuer oder Moschter sinn, doduerch gëtt de Buedem geschützt a verbessert. Phacelia z.B. blitt ganz séier a bitt de Beien zousätzlech en attraktive bloen Teppich.

- D'Resistenz vun de Planze ka gestäerkt ginn:

- Gromperen oder Tomate kënne regelméisseg mat engem Sud vu Kazeschwanz gesprëtzt ginn. *Heifir kacht ee während enger hallwer Stonn 100 g Kazeschwanz-pudder a 5 Liter Waasser oder 100 g frësche Kazeschwanz an 1 Liter Waasser. Dat Ganzt léisst een ofkillen a verdënnt 2 Liter Sud mat 10 Liter Waasser.*

- Brennnesselspiff: *1 kg Brennnesselen an engem Eemer mat 10 Liter Waasser 8 Deeg laang zéie loossen, net vergiessen ofzedecken! Duerno gëtt dat Ganzt gefiltert a bis op 5% verdënnt (0.5 l op 10 l Waasser)*

- Net zwee Joer hannerenee Planzen aus därselwechter Familljen op enger Plaz uplanzen. D'Krankheete verbreede sech dacks bannent enger Famill, gëtt ower all Joer gewiesselt, esou ass d'Ustiechungsgefor méi kleng.

Trëtt ower emol eng Krankheet op, esou gëtt et natierlech Hëllefsmëttel, sougenannt PNPP (Préparations Naturelles Peu Préoccupantes). Si wierken zesumme mam Kompost a mat der Gründüngung.

Hei e puer Beispiller vu PNPP :

- E Sud mat Knuewelek: Dee ka gebraucht gi vum Ausséinen uns bis kuerz virun der Recolte an hëlleft bei verschiddene Pilzkrankheeten (Rascht oder „Mehltau"). *100 g Knuewelek reng schneiden an duerno mat 1 Liter Waasser 20 bis 30 Minutte laang kache loossen, mat engem Deckel drop! Ofkille loossen, ëmmer nach mat Deckel, filtréieren an duerno an engem Plastiksbehälter versuergen. Dëse Sud soll bannent 48 Stonnen opgebraucht ginn.*



*Brennnesselspiff: en natierlecht Stäerkungsmëttel ©dmillen.lu*

- De Brennnesselspiff ass wierklech ee Plus am Gaart. Op d'Blieder gesprëtzt op 5% verdënnt, verhënnert en de „Mehltau“, fërdert de Wuesstem a stäerkt d'Resistenz vun de Planzen. Gëtt e mat der Strenz bei d'Planze gegoss, da gëtt en op 15-20% verdënnt. Esou ënnerstëtzt en d'Bléien an d'Fruuchtbildung vun der Planz an aktivéiert d'Buedemliewen.

  *10 kg Brennnesselen häckselen, se mat Waasser opfëllen an all Dag eng Kéier opréieren. No eng zwou Wochen, wann dës Mëschung keng Blose méi produzéiert, filtréieren an an engem Plastiksbehälter versuergen. De Behälter soll däischter a kill stoen*.

  Dës Mëschung ka während der ganzer Vegetatiounsperiod an engem Rhythmus vu 14 Deeg ugewant ginn.

  Méi Informatioune fannt dir iwwert Internet bei Stéchwierder wéi „recettes et traitements naturels pour le jardin˝.

## C) SCHÜTZE MER D'INSEKTEN AN ALL DÉI KLENG DÉIERE RONDERËM

Net all Déier ass vu virera schiedlech, eng ganz Rei vun hinne kënnen dem Gäertner eng grouss Hëllef sinn.

- D'Bestäuber ( Beien, Päiperleken, Bommelen ...) suerge fir de Fortbestand vun eise Planzen.
- Déi kleng Déieren (Kéiseker, Mouken, Himmelsdéiercher ...) hëllefen äis, datt aner Déieren, déi Schued maachen, sech net ze vill ausbreeden.
- D'Wierm verwandelen dat organescht Material a Mineralien, déi direkt vun de Planzen opgeholl kënne ginn.

Et ass also an eisem Interessi dës Déieren ze schützen, dat mat e puer einfach Gesten:

- Verzichte mer op Insektiziden, si zerstéieren einfach alles wat sech do beweegt.
- Fleege mer eise Gaart net ze vill, et kann een en och zu Doud fleegen.
- E Wuess, deen ze dacks an ze kuerz geméint gëtt (6 bis 8 cm sinn e Minimum), erlaabt et kenger Blumm do ze bléien an do halen sech och wéineg Déieren op.
- Alles nenne mir Onkraut, dobäi si verschidde Planze guer net esou oniewen.



*En Eldorado fir Insekten © dmillen.lu*

Huele mer als Beispill d'Brennnessel. Si ass iessbar an, wéi schonn uewen ernimmt, et kann een domat e wäertvollen Dünger hierstellen. De Stréckelswuess, bei de Gäertner net onbedéngt beléift, huet antirheumatesch Eegenschaften.

- Verzichte mer och op Herbiziden, kappen amplaz sprëtzen, dat soll d'Devise vum Klenggäertner sinn.
- Baue vun engem Ënnerdaach fir eng Rei vun Déieren (Kuckt an dësem Kapitel!)

## D) DECKE MIR DEN DËSCH FIR D'BESTÄUBER

D'Bei, souwuel d'Hausbei ewéi déi wëll, brauch Bléie fir sech z'ernären, dat vum Fréijoer bis an den Hierscht eran. Et heescht also plange fir déi ganz Period ofzedecken.

Eng Heck, déi blitt, zitt vill Insekten un, brauch ower e bësselche Plaz. Eng bestehend Heck ka lues a lues duerch bléiend Straicher ersat ginn, dat kascht ower Aarbecht.

Beim Planze vun enger Heck muss ee sech dem Terrain upassen (gesetzlech Héicht zum Noper zou, Héichspannungsleitung nobäi, Schied dee wäert entstoen ...). Et heescht Problemer virauszegesi fir spéiderhi keng onnéideg Schwieregkeeten ze kréien.




*Fir d'Beien ass et besser Blumme mat einfache Bléien ze setzen ewéi geféllter © dmillen.lu*

Eng bléiend Heck ka bestoen aus Wäissdar, Kierelter, Vullekiischten, Weiden, Esper … Och kann een e puer ëmmergréng Planzen astreeën ( Pällem, Houx, Liguster …), doranner fannen d'Vulle Schutz am Wanter.

Hu dir Freed drun äert eegent Uebst ze plécken, esou kënn dir och e puer Uebstbeem op ärem Terrain setzen (Kiischtebam, Quetschebam, Nëssert …).

E puer Zorte Beem si bekannt fir besonnesch attraktiv fir d'Beien ze sinn. Dat sinn d'Akazie an de Goldreen.

Wéi scho virdru bemierkt kënnen an engem Wuess, deen net intensiv geméint gëtt, nach e puer Blummen opbléien. Probéiert emol e Stéck vun ärem Terrain einfach sech selwer z'iwwerloossen an nëmmen eemol am Joer ze méinen!

*An de Gäert, Blumme mat vill Nektar …*




Blummebeeter sinn natierlech fir d'Insekte besonnesch attraktiv. Hei kann ee ganz gutt Ästhetik mat Narungsquell fir d'Beie verbannen.

Op e puer Saache soll een ower oppassen, wann een den Insekte wëllt entgéintkommen. Déi duebel an dräifach Bléien, déi aus ästhetesche Grënn duerch Ziichtung entstane sinn, verwieren den Insekte ganz dacks den Zougang zum Pollen an Nektar oder si si ganz einfach steril. Et ass also méi sënnvoll Blumme mat einfache Bléien erauszesichen an derfir ze suergen, datt vum Fréijoer bis an den Hierscht eran eppes blitt.

## D'KLATSCHBLUMM, E GLÉCKSFALL FIR D'BEIEN!

Eng einfach Blumm, wann och opfalend mat hirem roude Räckelchen, sou ass si dach eng wesentlech Ernärungsquell fir d'Bei an der Agrarlandschaft. D'Bléizäit, Mee-Juni, fält an déi Period, wou d'Beievëlker sech maximal entwécklen. Den héijen Närwäert vum Polle vun der Klatschblumm kënnt also grad zur richteger Zäit. Et ass dat e weidere Grond fir dës Blumm net méi als Onkraut ze betruechten, déi et gëllt, wéi bis elo, mat Herbiziden auszeläschen! Mee Nektar produzéiert d'Klatschblumm keen.

Déi Planzen, déi am meeschten hunnegen, sinn déi sougenannt „Lippenblütler". Déi iewescht Bléieblieder sinn zesummegewuess a bilden d'Uewerlëps a Form vun enger Kaputz, déi ënnescht Lëps ass eng gutt Landeplaz fir d'Insekten. Dat ass de Fall fir de Rosemaräin, de Lavendel, de Mënz ... Och „d'Korbblütler" wéi d'Sonneblumm

*... zur grousser Freed vun den Insekten © dmillen.lu*





*Et geet net duer, d'Beien ze fidderen, si mussen och ze drénke kréien © marmottekidor.fr*

zéien d'Insekten un, genee esou wéi „d'Schmetterlingsblütler" Kléi, Zerfeng … wou déi fënnef Bléieblieder e besonnesch attraktiivt Ganzt duerstellen.

Wann och all Blumme Polle produzéieren, esou hunnegen se ower net all. Esou gëtt et eng Rei Zierblummen, déi bal guer net vun Insekte besicht ginn. Dat ass de Fall bei Geranien, bei Birefanken a bei verschidden Dalien. Dës Planze gi vermeert mat Stecklingen, mat Ausleefer a mat Knollen, an net onbedéngt duerch Bestäubung.

D'Bei gesäit d'Fuerwen net ewéi mir Mënschen. Blo a gréng erkennt se, mee net rout. Duergéint erkennt se d'Spigelung vun den ultraviolette Stralen, wat hiert Gesiichtsfeld staark verännert. Bei staarker Spigelung gëtt aus giel e kräftegt Mof, bei schwaacher bleift et giel. Eng gréng Wiss erschéngt der Bei éischter gro. Déi wäiss Bléie vun de Kiischten- a Quetschebeem si fir d'Bei blo-violett, also fir si nach besser z'erkennen.

Faasse mer nach emol zesummen: Planze mer eng grouss Zuel vu verschiddene Blummen déi vum Fréijoer bis an den Hierscht era bléien. Esou decke mer den Insekten den Dësch iwwert d'ganzt Joer. Si revanchéieren sech duerch eng optimal Bestäubung am Gaart an am Bongert.

| **Eng kleng Iwwersiicht, wat mir alles uplanze kënne fir de Beien ze hëllefen:** | |
|---|---|
| Am Blummebeet | Léifmailchen, Réngelblumm, Malwen, Sonneblumm, Lilie, Klackeblumm, Aster, Goldwuerzel, Muscari, Vergissmeinnicht, Chrëschtrous, Haartknapp, Balsemin ... |
| Am Kraidergaart | Zalfei, Bounekraitchen, Mënz, Lavendel, Majoran, Basilik, Zitrounemelisse, Koriander, Thymian, Origano, Werbeen ... |
| Wëll Blummen | Pissblumm, Karblumm, Klatschblumm, Margréitchen, Lupp, Eisebaart, Sinnef, Schlësselblumm ... |
| Beem | Bierk, Lannebam, Ahorn, all Aarte vu Weiden, Uebstbeem a besonnesch déi wëll Zorte wéi Vullekiischt, Käschtebam, Akazie, Eech ... |
| Straich | Nëssert, Wäissdar, Liguster, Hielenter, Laurier-cerise, Hambier, Rhododendron, Houx, Japanesch Zierquitt, Kierelter, Heckerous, Aaspel, Heed, Schléiwendar... je all Strauch deen eng Fruucht dréit. |
| Kloterplanzen | Glycine, Wantergréng, wëll Rief, Geesblat, Kloterrous, Däiwelsseel, Kapezinerkap ... |

D'Bei freet sech net nëmmen iwwert e gutt gedeckten Dësch, si ass och dankbar fir eng Dränk. D'Waasser brauch si fir d'Brutt opzezillen, fir de Stack ze killen ... Dat Waasser soll vu gudder Qualitéit sinn (Krunnewaasser oder Reewaasser). Am einfachsten ass et e Behälter mat Waasser ze fëllen, eng niddreg Schossel drop an dann ëmgetippt. Fir datt d'Beien net erdrénken, soll een e puer Steng als Rettungsinselen dra leeën. E puer Drëpsen Anäis an eng Plaz an der Sonn maachen dat Ganzt nach méi attraktiv.

# E) EN ËNNERDAACH FIR ALL BESTÄUBER

Eis Hausbei huet nach e wirtschaftleche Stellewäert, si produzéiert Hunneg a gëtt vun de Beieleit geheegt a gefleegt. Esou eng Lobby hunn all déi aner Bestäuber net.

Denke mer also u si, wa mir e Gaart uleeën. Et muss näischt Grousses sinn, verschidde Méiglechkeete bidde sech un, jee no Insekt wat mir wëllen uspriechen.

- An der Natur kënnt et dacks vir, datt déi wëll Beien an huel Gäng bauen, déi vu Raupen a Kiewerleken a morscht Holz gebuert goufen. Amplaz drop ze waarden, datt esou faul Äscht sech un de Beem bilden, kënne mir e puer Scheeter Holz leie loossen. Dat soll op enger sonneger Plaz sinn, viru Reen a Buedemfiichtegkeet geschützt. Buere mer an d'Holz nach Lächer vun e puer Zentimeter Déift (ouni ganz duerchzebueren), mat engem Duerchmiesser vun 3-15 mm.
- Huel Stiller wéi Bambus, Lëtschen oder Fenschel kënnen a kleng Botte vun 10 cm Längt zesummegestréckt ginn. Den Duerchmiesser soll tëschent 2 an 12 mm leien. Eng Säit vum Rouer soll zougestoppt sinn. Fir dat z'erreeche kann een hannert engem Knuet ofschneiden, eent Enn mat Buedem zoustoppen oder dat Ganzt an eng Blechendous stiechen. Opgestallt ginn esou Botten op enger sonneger Plaz no bei Blummen.
- Et kann een och Stiller mat Muerch benotzen (Hielenter, Hambier, Pafenhittchen ...) A Botte mat enger Längt vun 30 cm kënne si esouwuel horizontal ewéi och vertikal opgehaange ginn, am beschten op enger Héicht vun engem hallwe Meter, ower op enger dréchener Plaz.
- Huel Zillen, mat Bulli opgefëllt, stellen och e gutt Ënnerdaach duer. Zousätzlech kann een nach Lächer vun 3 bis 10 mm Duerchmiesser dra bueren. Ower och schonn einfach huel Zille gi vu verschiddenen Aarten ugeholl, si stoppen da selwer d'Lächer mat enger Mëschung vu Stréi a Buedem.

  Déi verschidde Méiglechkeete kann een esouguer an engem Insektenhotel zesummestellen.







*Verschidde Méiglechkeeten, fir wëll Beien ënnerzebréngen: Holzschäder mat Lächer, Zillen oder huel Stiller ... © dmillen.lu*

## F) ARIICHTE VUN ENGEM INSEKTENHOTEL

An engem Insektenhotel huet all Famillje seng eege Plaz. Déi eng bauen do hiert Nascht, anerer sinn nëmme kuerz Zäit Gaascht do fir en Ënnerdaach ze hunn. D'Plaz ass besonnesch wichteg: Eng Ausriichtung no Süd bis Süd-Osten ass ideal, geschützt virum Westwand a virum Reen.

Well all Traitement vum Holz mat Vernis oder Lack net gär gesinn ass, muss ee fir d'Brieder e méiglechst dauerhaft Holz eraussichen ewéi Meläis, Douglas, Eech oder Käschtebam, mee keen Dännenholz.

Wat kënnt an déi verschidde Kummeren:

- **Holzschäder** aus haardem Holz (Eech, Buch, Hobuch, Käschtebam), well mëllt Holz quëllt éischter mat der Fiichtegkeet. Doranner gi Lächer vun 3, 6 oder 9 mm gebuert, woubäi net duerchgebuert soll ginn. Esou en Ënnerdaach zitt d'Harespelen a besonnesch d'Einsiedlerbeien un.
- **Huel Stiller** sinn och e gutt Ënnerdaach esouwuel dagsiwwer wéi och nuets oder fir ze bréien. Et kommen a Fro Bambus, Schilf, Stréi oder „Doldenblütler". Dësen Deel sprécht déiselwecht Insekten un ewéi virdrun.
- Bei **Stiller mat Muerch** handelt et sech ëm deeselwechte Prinzip mat deem Ënnerscheed, datt d'Insekten hei hir Wunneng nach musse selwer gruewen. D'Stiller vun Hielenter, Rousen, Hambier oder Pafenhittche mat enger Längt vun 30 cm zéien ënner anerem d'Schwiefmécken un.
- **Huel Zillen**, wou d'Lächer mat Bulli zougestoppt sinn, erfëllen deeselwechten Zweck. Ass de Bulli bis gedréchent, da kënnen d'Insekten hei hir Galerie gruewen.
- Eng „**Nistkëscht fir Bommelen**" ass eng einfach Këscht mat engem Lach vun 1 cm Duerchmiesser an engem klenge Fluchbriet. D'Bommele si gewinnt am Buedem ze hausen an duerfir net kriddeleg. Mat Stréi an e bësselche Buedem gefëllt a scho sinn si zefridden!
- En **Ënnerdaach fir Ouereschlëffer** besteet aus Blummendëppen, déi mat Stréi oder Holzwoll gefëllt ginn a méiglechst ënnen opgehaange ginn.
- Fir **Kiewerleken**, déi sech vun Holz ernären, kann een einfach alt Holz oder Äscht opstapelen.



*Insektenhotel, deen 2015 zu Biekerech niewent dem Bongert mat alen Uebstzorten opgestallt gouf.*

## SCHLUSSFOLGERUNG

D'Zukunft vun der Mënschheet op der Äerd hänkt dervun of wéi mir verschidde grondleeënd Problemer an den nächste Joerzéngte wäerte léisen. Duerzou gehéieren de Klimawiessel, d'Gestioun vun der Produktioun vun de Liewensmëttelen, d'Energie, d'Waasser ...

Wann och ganz bescheiden, esou ass eis Bei dach en obligat Symbol vun dëser Erausfuerderung.

De Mënsch muss onbedéngt seng Politik vun der Agrarwirtschaft an der Ëmwelt nei orientéiere fir et der Bei mat allen anere Bestäuber z'erlaben eng nei Perspektiv ze fannen, zum Wuel vun den zukünftege Generatiounen.

Gitt aktiv! Dëse klenge Guide soll iech dobäi hëllefen.



*Staffele mer d'Bléizäit vun de Blummen an eisem Gaart, esou fannen d'Beien eppes iwwert déi ganz Saison © www.neoplanet.com*

## BIBLIOGRAPHIE :

Albouy (V.), *Des abeilles au jardin : petit traité d'apiculture atypique à l'usage des amis des abeilles*, Paris, Édisud, 2012.

Clément (H.), *L'abeille, sentinelle de l'environnement*, Editions Alternatives, Paris, 2009.

Muller (J.-M.), « Recettes de traitements naturels pour le jardin », in *rustica*, 2014.

www.jardineraunaturel.org

Dëst Bichelche gouf zesummegesat am Januar 2016 vum Isabelle Bernard, Reponsabel vun der Millen asbl, a vum Mélanie Houba, Stagiaire an der Millen, am Kader vu senger Ofschlossaarbecht op der Haute École de la Province de Namur (Avenue de Namur, 61 – B – 5590 CINEY).

Déi lëtzebuergesch Iwwersetzung gouf gemaach vum Francis Filbig.



*Zeechnung vum Michel Wagner bei Geleeënheet vum Molconcours 2015 organiséiert vun der Millen asbl* © *dmillen.lu*

GEMENG BIEKERECH

d'millen NATUR&ËMWELT

# Moulin de Beckerich

**Adresse vum Site :** 103, Huewelerstrooss · L-8521 Beckerich · Luxembourg

**Fir all Informatioun :** I.BERNARD : +352 691 510 372 · J. SCHRELL : +352 691 510 370
info@dmillen.lu · www.dmillen.lu

BECKERICH 2016 - ISBN : 978-99959-958-1-2 - MISE EN PAGE : INSITU-CREATION-EDITION